FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL
association sans but lucratif
F.L.H. · 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN

# Rapport Referees' Commission - 04.11.2025

Present : Courtois, Geib, Keiffer N., Nesser, Weinquin, Weinzierl, Welter

Entschëllegt : Frieseisen, Keiffer F., Kröpelin, Volz

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 07.10.2025***

2) ***Formatioun***
   - *Déi éischt Formatioun fir all Arbitter war den 25.10.2025. Ënner anerem sinn d'Zeenen aus dem Lëtzebuerger Championnat beschwat an déi gewëschte Linn bei den Entscheedungen erkläert ginn.*
   - *Déi nächst Seance ass den **13. Dezember 2025** vun **10h00 – 12h00** zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 1)*
   - *Weider Datumer déi festgehal goufen:*
     - *28.02.2026 – Thema gëtt nach definéiert*
     - *29.04.2026 – Feedback FLH Final4*

3) ***Examen***
   - *Den 18. Oktober huet e Kandidat de prakteschen Deel vum C-Exame gepackt. Den INAPS ass informéiert.*
   - *3 nei Delegué hunn elo och de prakteschen Deel vun der Formatioun ofgeschloss. D'RefCom freed den CA d'Noémie Keiffer, de Jean-Marc Facchin an den Denis Weinquin als Delegué ze bestätegen.*

4) ***Austausch mam Ausland:***
   - *Den Austausch mat Éisträich ass op Februar/Mäerz 2026 festgeluecht ginn.*
   - *Fir den Austausch mat Süd-Dänemark mussen d'Datumer nach koordinéiert ginn (Mäerz 2026)*
   - *Fir de Prag Handball Cup 2026 ginn nach Arbitter gesicht (2.-6. Abrëll 2026).*
   - *D'Noémie Keiffer hëlt 2 engagéiert JAD mat op de "Girls U11 Mini World Cup" zu Tréier.*

5) ***Kontroll Sportshalen:***
   *D'Hal vu Jonglënster (op de Fréinen) ass fir de CHEV Diekirch kontrolléiert a vun der RefCom, mat verschidden Oploen, akzeptéiert ginn.*

6) ***Joresofschloss Corps Arbitral***
   *D'RefCom an d'Amicale vun den Arbitter plangen ee Joresofschlossowend fir ALL Arbitter. Den Datum ass den **20. Dezember 2025**. Weider Detailer kommen nach no.*

7) ***U18 an A-Ekipp QUALI***

*De Corps Arbitral huet wärend der U18 EURO Qualifikatioun an der WM-Qualifikatioun vun den Hären den Empfang an d'Betreiung vun den EHF Offiziellen iwwerholl. Och goufen d'Aarbechte vum Sekretär/Chronometer an nach aner Funktiounen erfëllt. Vun allen EHF-Offizielle koum nëmme positive Feedback. D'RefCom seet Villmools Merci fir de gudden a gelongenen Asaz.*

***Nächst RefCom: Dënschden de 16. Dezember 2025 um 18h30***
***zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 2)***